

## 77e commémoration de la grève du 31 août 1942

Wooltz, den 31. August 2019

Léif Eiregäscht, Dir Dammen an Dir Hären,

Et ass mir eng Eier lech haut hei zu Wooltz beim nationalen Streikdenkmal begréissen ze dierfen.

An där Stad wou den 31. August 1942 de Generalstreik geint Wehrpflicht vun de Lëtzebuenger Jongen a Männer, säin Ufank fonnt.

77 Joer méi speit sti mir Lëtzebuenger haut hei fir d'Evenementer an déi grausam Schicksaler vun deemols déif an eiser collectiver Erënnerung ze verankeren.

Erlabt mir dofir lech e kuerzen Réckbléck op d' Deeg emt den 31. August '42 ze ginn:

Zwou Wochen virun deem denkwürdegen Dag, huet de Gauleiter zu Koblenz de Lëtzebuenger Gestapochef Hartmann opgefuedert, d'Kontrollen op de belschen a fransésische Grenzen ze verschärfen fir ze verhënneren, dass eng Masseflucht vu jonke Lëtzebuenger déi vun der Wehrpflicht betraff géifen, keint entstouen.

Wei dunn puer Deeg méi speit, den 23. August, och nach d'Veuerdnung vum „Reichsminister des Inneren“ geholl gouff déi di däitsch Staatsugehéireschkeet fir Elsass, Loutringen a Lëtzebuerg octroyéire sollt, a kuerz dono a Loutringen an am Elsass d'Wehrpflicht och proklammiert gouff, gett a Lëtzebuerg de Stréik virbereed. D'Flugblieder déi zu Bréissel drécke geloos ginn, brengt den Josy Fellens enert Liewensgefor an d'Land a verstoppt se ënner annerem hei zu Woltz an de Päiffen vun der Uergel.

Wéi ze erwaarden proklammiert de Gauleiter Simon den 30.8. an den Ausstellungshalen um Lampertsbiërg d'Zwangsrekrutéierung vun de Lëtzebuenger Jongen vun de Joergäng 1920-1924.

Dee selwichten Owend verdeelen d'Resistenzler weider Flugblieder vu Mann zu Mann och an Uertschaften vun de Kantonen Klierf a Réiden.

Den Text war folgenden:

*„Lëtzeburger! Ee grousst Ongléck steet eiser léiwer Heemecht bevir. Wat mir als onméiglech betruecht haten, wat eise Mammen beim bloussen Gedanken d'Hierz zum Stoe wollt brengen, schengt de Gauleiter Simon, de bluddegen Tyrann, géint eist hellegt Recht, fir eist aremt Land beschloss ze hun: d'Wehrpflicht fir eis Jongen a*

*Männer, an anere Wieder, den Doud fir eis Kanner an de Steppe vu Russland! an dat op der Säit vun Deitschland eisem Erzfeind , zenter d'Welt besteht.*

*Lëtzebuenger! Denkt drun wat eis Regierung eis vu London aus zougeruff huet, dass mir op der Säit vun England a sengen Alliéierten am Krig stin géint Deitschland, an datt et eis Flicht ass, all eis Kräften, an esouguer eist Liéwen der gemeinsamer Saach ze opferen.*

*Lëtzebuenger! Är Pflicht ass et also dem Gauleiter mat alle Mettelen entgéint ze trieden a Widderstand ze bidden!*

*Faalt net op de Schwindel vun där Massendemonstratioun vun e Sonndeg ran, wou hien (mat Hellef natierlech vun deenen 100dausenden Preisen, déi hien aus dem "Reich" komme geloos huet) der öffentlecher Ménong bewaise wollt, datt Lëtzebuerg op der Säit vun Däitschland steht.*

*Maacht Oppositioun, a wann de Gauleiter säi Verbrieche sollt begoen, d'Anextioun oder d'Wehrpflicht proklammiert, dann äntwert mat dem Generalstreik.*

*All Fabreken, Geschäfte, Caféen etc. an allVerwaltungen a Betreiber hun ze schléissen! Keen op seng Arbecht! jidder Verkéier op den Eisebunnen a Stroossen ennerbonnen!*

*maacht et wei den 10.Oktober 1941: leescht geschlossen den "Einberufungsschreiben" an de "Stellungsbefehler" Widderstand! Eenegkeet mécht stark!*

*Et geet emt eis hellegst Rechter! Et geet em eis Jongen a Männer!*

*nidder mat der preisecher Tyrannei!*

*Vive Lëtzebuerg! Vive eis Grossherzogin Charlotte!"*

---

Déi eischt déi dësem Opruff zum Stréik nokomm sinn, waren Méindes moies, den 31. August kuerz virun 7 Auer d'Arbeschter vun der IDEAL Liederfabrik zu Wooltz. Si hu refuséiert d'Arbescht opzehuelen a si virum Portal an aller Stell stoue bliwwen. D'Schoulmeeschteren hunn hinnen et no gemaach a si mat hiere Schüler net an d'Schoulgebäi ragaang, d'Betriebe, d'Geschäfte an d'Verwaltungen hunn sech dem Stréik ugeschloss. Et huet sech en Demonstratiounsmarsch vun engen 300 Leit duerch d'Stroossen vun der Stad forméiert. Un hierer Spëtzt d'Beamten Michel Worré, Nicolas Muller a Georges Bix.

Wei de Schweigemarsch an der Nätlicherstrooss ukoum, gouff e vun der SA gesprengt an et kennt zu den eischten Verhaftungen matt Verhéier an der Villa De Muysen, an am Gendarmeriesgebäi am Schoulbiérg.

Och op anner plazen am land forméieren sech Streikbewegunegen. Bei der Arbed Schëffleng betätegt den däitschen Hans Adam um 18h de Bär, d'Sirèn déi den Ufank vum Stréik an deem Wierk matdeelt.

De selwichten Owend nach ginn 21 Männer op Hinzert déportéiert.

Trotz weideren Verhaftungen, Verhéier an Undroungen vun Exécutiounen zeihen sech d'Protestbewegungen bis den 2. September queesch duerch d'ganz Land weider.

D'Besatzungsmuescht hëlt zum Schlag geint Protestaktiounen aus, an d'Standgeriicht, dat vum Chef vun der Gestapo aberuff ginn ass, veruerteelt 21 Männer zum Dout. D'Uerteler ginn op blutrouden Plakater am ganze Land publik gemaach an tescht dem 2. an dem 10. September ausgefouert.

Zu Hinzert erschoss gouffen:

- Michel Worré, Chef vum weeltzer Wirtschaftsamt,
- Nicolas Muller, Gemengesekretär vu Wooltz
- Alfred Brück, Joseph Ewen, Célestin Lommel a Charles Meiers, Schoulmeeschtere vu Wooltz
- Nicolas Betz, Jean-Pierre Schneider, Ernest Toussaint an Alphonse Weets, Arbeschter vun Déifferdeng
- Nicolas Konz, Postbeamten aus der Stad
- Léon Zeimes, Schrëftsetzer beim Lëtzebuerger Wort
- Robert Mischo an René Angelsberg, Schlessen op der Déifferdenger Hütt
- Jean Schroeder, Postbeamten aus der Stad
- Michel Dax a Jean Thull, Eisebunner vun Ettelbréck
- Emil Heiderscheid, Dachdecker vun Iechternach
- Alphonse Schmit, Proffesser vun Iechternach
- Eugène Biren, Dreier vum schëfflenger Walzwierk
- Den däitschen Hans Adam, deen d'Sirène an der Schëfflenger Fabrik betätegt hat, gouff zu Köln gekäppt.

An de Noweihen vum Streik, gouffen weider Lëtzebuerger ugeklot an deportéiert. Familien vun Doudesaffer an Déportéierten koumen an d'Emsiedelegung.

An de Krichsjoren hunn iwwer 10.000 lëtzebuerger Jongen déi verhaassten Uniform missten undinn.

Während zum Enn vum Krich am Elsass och nach d'Joergäng 1900 bis 1919 agezu gi sinn, ass dat a Lëtzebuerg gsd net och nach de Fall gewiescht. Historiker ginn dovun aus, dass dëst als eng vun den positiven Repercussiounen vum Stréik kann ugesi ginn.

Secher ass opjiddefall dass d'Streikaktioun vum klenge Lëtzebuerg an der ganzer Welt fir Opmierksamkeet a Respekt gesuergt huet an dozou beigedro huet eist Land nach méi kloer ze Positionnéieren op der Säit vun den Alliéierten géint d'Bessatzungsmuescht.

Et ass haut an an Zukunft eis Pflicht d'Gedenken un deen exemplareschen Courage an den Zesammenhalt vun deemols oprecht zeerhalen an och déi kommend Generatiounen fir dëss Werter ze senibiliséieren.

-----  
Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet an domadder iwverlossen ech de Mikro dem Här Frank Arndt, Buergermeeschter vu Woltz.